



Dossier suivi par : Nathalie Weber  
Tél. (+352) 247-86352

CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
Entrée le:  
22 NOV. 2019

Le Ministre de la Sécurité sociale  
à  
Monsieur le Ministre aux Relations avec le  
Parlement

Luxembourg, le 22 novembre 2019

**Référence :** 82fx264a4

**Objet :** Question parlementaire n° 1391 du 24 octobre 2019 de Monsieur le Député Sven  
Clement au sujet du dossier de soins partagé

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de  
la Santé et du soussigné à la question parlementaire n° 1391 du 24 octobre 2019 de Monsieur le  
Député Sven Clement au sujet du dossier de soins partagé.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour le Ministre de la Sécurité sociale

Abilio FERNANDES MORAIS  
Premier Conseiller de Gouvernement

**Annexe(s) :** Réponse aux questions parlementaires n°1391





**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet a vum Gesondheitsminister op d'parlamentaresch Fro n° 1391 vum Här Deputéierte Sven Clement iwwert den "Dossier de soins partagé"**

Am Géigendeel zu dem wat den honorabelen Deputéierten a senger Fro behaupt, mussen d'Leit beim „opt-in“ hiren Accord gi fir den *Dossier de soins partagé* (DSP) ze aktivéieren a beim „opt-out“ gëtt den DSP bei jidderengem automatesch aktivéiert.

D'Reglement iwwert den DSP befënnt sech am Moment nach an der Prozedur. Et misst awer nach kënnen virun Enn vun dësem Joer publizéiert ginn.

De Choix vum „opt-out“ gouf geholl well den DSP en Hëllefsmëttel ass dat et erméiglecht d'Qualitéit, d'Securitéit, den Austausch vun Informatiounen an d'Koordinatioun vun der Fleeg ze verbesseren. De Staatsrot an d'Dateschutzkommissioun hunn dëse Choix an hire jeweiligen Avisen och gutt geheescht.

Am Reglement ass virgesinn dat en DSP automatesch kreéiert gëtt fir all Assuré den an der Krankeversécherung affiliéiert ass. Esoubal en DSP kreéiert gëtt, kritt den Assuré e Bréif geschéckt vun der Agence eSanté. An dem Bréif steet alles dra wat den Assuré wësse muss zu sengem DSP. An dësem Bréif kritt den Assuré och matgedeelt dat en sech kann opposéieren zu der Aktivatioun vu sengem Dossier. An deem Fall gëtt dem Assuré säin DSP guer net aktivéiert a suppriméiert. Den Assuré huet 30 Deeg fir seng Oppositioun zu der Aktivéierung vum DSP der Agence eSanté matzedeelen. Duerno gëtt den DSP automatesch aktivéiert.

Mee och am Fall wou den Assuré säi Konto aktivéiert hätt, kéint hien dësen nach ëmmer erëm zoumaachen. Dëst kann hien entweder iwwert säi Konto maachen oder e schreift e Bréif un d'Agence eSanté andeem e freet fir säin Dossier zouzemaachen.

